Eltërecomité vum 21ten Januar 2009

Wichteg Datumen

Commission de restauration

Réunioun am Sall C110

17.10.2008 à 14.30 – 15.30 Auer

19.01.2009 à 14.30 – 15.30 Auer

24.04.2009 à 14.30 – 15.30 Auer

Comité de sécurité

Sall D130

Jeudi, le 13 novembre 2008 à 09.45 Auer (Alarme an Réunioun)

Mercredi, le 14 janvier 2009 à 10.10 Auer

Conseil de l'éducation

- **Mercredi, le 22 octobre 2008 de 16h00 à 17h30**
- **Jeudi, le 27 novembre 2008 de 16h00 à 17h30**
- **Lundi, le 5 janvier 2009 de 15h30 à 16h00**
- **Mardi, le 27 janvier 2009 de 16h00 à 17h30**
- **Mercredi, le 25 mars 2009 de 16h00 à 17h30**
- **Vendredi, le 15 mai 2009 de 16h00 à 17h30**

dans la salle C110

an déi aaner Datumen vun eisen Réuniounen déi haat ech iech och schon gescheckt.

Infobliedchen

Do mussen mir eis elo mol alleguer Gedanken machen waat mir wëllen an daat nächst Infobliedchen schreiwen. Avis aux amateurs, nei Ideen sin ëmmer wëllkomm.

Secherheetscomité

Do huet Christine eis doriwer informéiert dat den 13ten November een annoncéierten Feieralarm war, an daat am Prinzip Schüler och relativ schnell (ca. 3 Minuten) dobaussen waren, wou awer ze bemierken ass, an wou och nach muss

drun geschafft an verbessert gin,ass dass déi Lëschten wou Proffen mussen am Prinzip ofgin wann Schüler aus Klassen feelen oder hiir Klass als komplett mellen daat klappt nach net esou wéi daat soll sin.

Dir kritt do och nach een Rapport gescheckt soubal ech den kréien.

An deem Bereich muss nach ganz vill geschafft an verbessert gin, mir bleiwen do op alle Fall drun.

Vun der vum Eltërecomité gefrooten Statistik vun den Asätz vum éischt Hëllef Team do gëtt och drun geschafft, do muss nach no enger optimaler Léisung gesicht gin, waat awer an der Aarbecht ass.

Mir hun och dem éischt Hëllef Team eng finanziell Hëllef zou gesoot (fir eventuell Jacketten déi drengend gebraucht gin), sie gin eis do och nach méi genee Détailler, waat sie genee brauchen mat Preiser waat daat kaschten soll.

Restauratioun

Christiane an Nelly waren op der leschter Réunioun vun der Restauratioun an sie hun eis gesoot daat et ëmmer erem Gewulls an Gedrécks bei der Iessensausgab gëtt wëll einfach net genuch Plaatz fir déi vill Schüler ass.

Et gouf och gesoot datt nach immens vill Schüler mat deenen 5 Euro Kaarten bezuelen oder hir Kaarten net opgelueden hun an dodurch et och bei den Keesen et leider net schnell genuch virun geet.

Waat dëst Joer nei ass, ass dass 3 Schüler aus verschiddenen Klassen nominéiert sin all Dag eng Fiche statistique auszefëllen (alles daat waat Iessen ugeet) an dofir kréien sie dann hiirt Iessen gratis. Domadd gëtt versicht den Bedürfnisser vun den Schüler waat d'Iessen ubelaangt gerecht ze gin. Keng schlecht Initiative….

Projet d'établissement

Mir vum Eltërecomité wëllen eis soit un engem bestee'enden Projet bedeelegen oder eisen eegenen Projet op Been stellen. Do sin och e puer gudd Virschléi gemach gin wéi

- Kleedermaart fir Schivakaanz (fir Frai'en vum Wantersport ze réduzéieren…)
- Schoulbichermaart
- Projet Infirmière

Macht iech mol Gedanken doriwer waat dir dovun haalt an waat een vielleicht nach kéint proposéieren an och wéi déi eenzel Proje'en ze réaliséieren wären.

An der nächster Réunioun kennen mir dann méi ausféierlech doriwer schwätzen.

Divers

Cotisatiounen fir dëst Joer gin dësen Mount verscheckt an am Februar gin Bréiwer fir Délégués – Parents verscheckt vue dass déi éischt Versammlung mat hinnen den 4ten März ass.

Den Perry huet eis och gesoot dat den Här Wagner dovun geschwaat haat fir den Eltërecomité an och Schüler eventuell matzehuelen wann sie den Lycée an den Primärschoulen virstellen gin. Daat wär eng gudd Idee fir dat dann och Primärschüler souwéi och hiir Elteren dann och hiir Froen an Ängschten soit mat Schüler oder Eltëren austauschen kennen. Et wär eng super Idee fir eisen Lycée dobaussen sou ze présentéieren wéi en wirklech ass……..